# INVITATIOUN

**Mär erënneren eis**

**« Hier wurden von 1933 bis 1945 über tausend von der Nationalsozialistischen Willkürjustiz zu Tode Verurteilten, hingerichtet. »**

Dëse kuurzen Text op enger klenger Plack un engem klengen wackelege Steen festgemaach, wor op Wonsch an op Drock hin, vum däitschen « Gefängnisgeistlichen » aus dem « Zentral-gefängnis » Köln-Klingelpütz opgericht gin.

Dese klenge Steen steet op deër Plaz, wou am Krich de verruffene Prisong mat séngem « Schluechthaus » stung.

Vir déi béiss an onbequem Erënnerungen un d'Verbriechen ze ënnerbannen, déi deemols am Zentralgefängnis mat sénger « Hinrichtungsstätte » geschitt sin, as d'Zentralgefängnis mat séngem ganze Komplex am Joër 1969 gesprengt an ofgerass gin. All Virschléi, op deër Plaz ee wiirdegt Monument opzeriichten, sin energesch ofgeschloen a verworf gin.

Domat sollt och d'Erënnerung un déi 17 lëtzebuerger Patrioten an de Vergiess kommen, déi di schändlechst Schmot hu mussen aushalen, déi ee je engem Mënsch konnt undoen.... « Hinrichtung durch das Fallbeil ».

Fir datt d'Erënnerung un déi 17 Lëtzebuerger Helden, déi an all deene Joëren esou zimlech iwwergaange wore gin, waachzehalen, hu mär décidéiert, eng kleng awer wiierdeg Erënnerungsfeier den 10. August zu Pärel ofzehalen, zou deër mär Iech heimat frëndlech alueden.

Besonnesch denke mär deen Dag un een vun dene 17 Patrioten, den EMILE TOMPERS, deen fir seng Hëllef u 25 Wehrdienstverweigerer als Fluchthelfer zum Doud verurteelt wor gin. Séng Fra wor vum Sondergericht zu 10 Joër Zuchthaus verurteelt gin.

Hei de Programm vum 10.August 1997:

10.00 Auer: Feierlech Erënnerungsmass an der Kiirch zu Pärel mat musikaleschen « Einlagen » vum Clairon de la Résistance.

11.00 Auer: Cérémonie du Souvenir virum Monument aux Morts

11.30 Auer: Erënnerungsmoment virum Haus Tompers an der Arelerstrooss

Fir d'Organisatioun zeechnen:

Jemp Tompers, Marcel Reuter, Neckel Kremer

Häer President vunn
Enrôlés de force.

Ech hunn des Feier beim Kremer Neckel
gefrot.
Den Diner Blummen get vunn
mir bezuehlt.
Den Emile Tompers huet mech
an Belg geföert
Och Josée Roef ass ageluaden,
och um Diner der Feier
Ech fréen mech Iech ob de'ser
Feier ze begre'ßen.

Marcel Reuter

Och eise Frend de John
spillt mätt der Trompette
an der Kirich. ob fir bei der
Plaque um Hauss.
N.B. ruoff mech un.
telefon 516923